Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 01/06/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

Den Ëmweltminister hat op virëg parlamentaresch Froen (dorënner n°2578) bestätegt, datt invasiv Déierenaarten zu Lëtzebuerg dout gemaach ginn (Fro n°2578).

Leit, déi ee verletzten Déier fannen, kënnen dëst an d'Wëlldéierestatioun op Diddeleng bréngen (Centre de soins pour la faune sauvage), wou d'Déier op der Plaz ka gehollef kréien. Et existéieren och Drop-Off-Statiounen zu Nidderfeelen, Jonglënster a Clierf.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill wëll Déiere goufen an de leschten zwee Joer an der Wëlldéierestatioun zu Diddleeng opgeholl, opgedeelt no follgenden Déierenaarten:
   - Wäschbieren,
   - Réi,
   - Wëllschwäin,
   - Muffelen,
   - wëll Villercher?
2. Gëllt fir invasiv Aarten, ewéi de Wäschbier, e generellt Verbuet vun der Auswëlderung a muss d'Déierestatioun d'Déier dout maachen oder ginn aner Léisungen virgezunn?
3. Dierfen d'Leit och Déieren an d'Wëlldéierestatioun bréngen, déi hannert der lëtzebuergescher Grenz fonnt goufen? Falls nee, firwat net?

piraten.lu

PIRATEN

4. Wéi vill Wëlldéieren goufen an de leschten zwee Joer an der Wëlldéierestatioun
    - nees ausgewëldert,
    - dauerhaft placéiert,
    - dout gemaach?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés